adr
Groupe parlementaire

Chambre des Députés
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Entrée le 13.12.2023

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2023

Här President,

am Numm vum Grupp vun den ADR-Deputéierte bieden ech Iech, opgrond vum Artikel 84 vum Chambersreglement, eng Aktualitéitsstonn op d'Dagesuerdnung vun der Chamber ze setzen.

Déi aktuell Zuele vum Statec weisen däitlech, datt de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch zeréckgeet: „Par rapport au recensement de 2011, l'utilisation du luxembourgeois diminue en nombre de locuteurs, passant de 323 500 à 292 000 et en pourcentage passant de 71% à 61%." (https://statistiques.public.lu/fr/recensement/diversite-linguistique.html; 7. Dezember 2023)

Aus deem Grond soll d'Aktualitéitsstonn mam Titel „D'Zuel vun deenen, déi Lëtzebuergesch schwätzen, hëlt of" fir eng éierlech Analys vun der reeller Situatioun suergen, fir datt elo déi richteg an néideg politesch Moossname geholl ginn. Nëmmen esou kënne mir eis Landessprooch schützen an erhalen.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

President vum parlamentaresche Grupp ADR